N°2903
Entrée le 09.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

**Gemeinsam Äntwert vun der Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit, Yuriko Backes, a vum Här Inneminister, Léon Gloden op d'parlamentaresch Fro N° 2903 vum 19. September 2025 vun der honorabeler Deputéiert Nancy Arendt**

1. **Gëtt et zu Lëtzebuerg aktuell eppes Vergläichbares, wéi zum Beispill en etabléiert Handzeechen oder Codewuert, dat ëffentlech promovéiert gëtt a vu Police, Gesondheetsberuffer, Bar- oder Festivalpersonal erkannt gëtt?**

- **Wa jo, wéi ginn dës Signaler a Codewierder kommunizéiert a promovéiert, souwuel bei de potentiell Betraffenen wéi och bei deenen, déi reagéiere sollen (z.B. Barpersonal, Apdikten, Security)?**
- **Wa nee, ass geplangt, esou Systemer anzeféieren, an eventuell eng national Campagne ze starten, fir Leit ze informéieren an ze sensibiliséieren?**

D'Police huet aktuell keng Kenntnis dovun, dass eppes Vergläichbares ëffentlech promovéiert gëtt, oder dass esou e System agefouert soll ginn. D'Police ass am Präventiounsberäich a reegelméissegem Kontakt mat aneren Acteuren.

Sollt awer esou eng Initiative zu Lëtzebuerg promovéiert ginn, géing d'Police dës un d'Beamte weiderleeden, fir entspriechend reagéieren ze kënnen.

2. **Ass d'Regierung bereet, zesumme mat ONG'en an der Police e strukturéierte Protokoll auszeschaffen, fir séier a koordinéiert Hëllef unzebidden, wann esou Signaler benotzt ginn?**

Jo, d'Regierung an och d'Police si bereet zesumme mat ONG'en esou Protokoller auszeschaffen.

3. **Ass bekannt, wéi vill Fäll vu Belästegung oder Gewalt et an deene genannte Kontexter (z. B. Baren, Festivaller, ëffentlechen Transport) an de leschte Joren zu Lëtzebuerg gouf?**

Et gëtt keng detailléiert Statistik wéi vill Fäll vu Belästegungen oder Gewalt et an deene spezifesch genannte Kontexter (Baren, Festivaller, ëffentlechen Transport) gouf, vue dass dat am Code Pénal net differenzéiert gëtt.

D'Regierung huet am Juni 2025 den éischten Nationalen Aktiounsplang iwwer geschlechtsbaséiert Gewalt adoptéiert. Eng vun deenen aacht strategeschen Mesuren dréint sech em d'Entwécklung vun enger besserer methodologescher Approche wat Statistiken an Donnéeën iwwer Gewalt ubelaangt. Den Observatoire de l'Egalité vum Gläichstellungsministère (MEGA) ëmfaasst aktuell just Zuelen iwwer haislech Gewalt. D'Weiderentwécklung vun dësem Outil steet awer als Projet am Nationalen Aktiounsplang dran, fir aner Formen vu Gewalt ze integréieren. Des weideren stinn zwou wichteg Etuden am Plang dran. Déi eng betrëfft d'Prävalenz vu Genital Verstümmelungen bei Fraen, déi aner betrëfft d'Gewalt am Sport. De MEGA weist drop hin, dat de Aktiounsplang en oppent Dokument ass, wou zu all Moment kennen nei Aktiounen integréiert ginn, wann dëst eng Plus-Value um Niveau vun der Erfaassung vun den Affer vun den jeeweilegen Gewaltformen duerstellt.

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Égalité des genres
et de la Diversité

Lëtzebuerg, den 09. Oktober 2025

D'Ministesch fir Gläichstellung an Diversitéit

(s.) Yuriko Backes